N°5964
Reçue le 21.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Äntwert vun der Familljen- an Integratiounsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5964 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwert d'Covid Situatioun an der Alters- a Fleegeheemer.

1)

Op den 20. Abrëll 2022 sinn 263 Bewunner a 36 Alters- a Fleegeheemer hei zu Lëtzebuerg positiv op de Sars-Cov-2 getest. Vun dësen 263 Bewunner sinn der 13 hospitaliséiert.

Déi allermeescht vun dëse Persounen hunn keng oder liicht Symptomer.

2)

2,5% vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer hunn nach kee ganzen Impfzyklus hannert sech.

94,4% vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer hunn 3 Dosen Impfstoff kritt (geboost)

3,0% vun de Bewunner aus den Alters- a Fleegeheemer hunn 2 Dosen Impfstoff kritt (komplett geimpft)

Letzebuerg, den 21.04.2022

D'Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen